piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

An de Kannerbetreiungsstrukturen (Crèchen a Maison Relaisen) ginn all Dag dausende Moolzechte fir eng grouss Zuel u Kanner preparéiert oder geliwwert. De Staat finanzéiert dëst zum groussen Deel iwwert den CSA mat. Dobäi stellt sech d'Fro, wéi vill Iessen iwwreg bleift a wéi mat dëse Reschter ëmgaange gëtt (Antigaspi).

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Existéiert ee Monitoring oder ginn et verbindlech Moossnamen, fir d'Quantitéit u Liewensmëtteloffäll an de Crèchen a Maison Relaisen ze reduzéieren?
2. Wéi vill Iessen (kg) a Platen gouf déi lescht 3 Joren an de Maisons relaisen net zerwéiert oder ewechgehäit?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés